N°3814
Entrée le 24.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vun der Madamm Justizministesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro N° 3814 vum 19. März 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Appel à témoins après une année".**

Ech verweisen op d'parlamentaresch Fro N° 3169 vum 10. November 2025 vun der honorabeler Deputéiert Corinne Cahen, wou déi selwecht zwou Froe scho beäntwert gi sinn.

**1. Aus wéi enge Grënn huet et esou laang dauert, fir dësen Zeienopruff ze publizéieren?**

Den Delai tëschent engem Incident an engem Zeienopruff ass um Internet Site vun der Police erkläert an duerch Beispiller illustréiert

(https://police.public.lu/fr/support/faq/appels-a-temoin-enquetespubliques-aide-de-la-population.html).

D'Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°3497 vun 2018 vum Här Graas an dem Här Krieps ass nach ëmmer richteg, datt et verschidde Facteuren ginn, déi determinéiere wéi laang et dauert bis en Zeienopruff vun der Police an der Press an op de soziale Medie gemaach gëtt.

D'Prozedur fänkt eréischt un ze lafe vun deem Moment un, wou eng Plainte bei der Police agereecht gouf. Eenzel Fäll kënne schonn op Basis vun den intern, vu Polizisten, geliwwerten Informatioune geléist ginn. Sollt dës Demarche ouni Succès bleiwen, kann op Demande vum Parquet eng Pressemattdelung gemaach ginn. Et muss ënnerstrach ginn, datt et sech beim Zeienopruff via eng Pressemattdeelung ëm ee Mëttel handelt, wat als leschte Recours an enger Enquête agesat gëtt. Sou gëtt nëmmen dann decidéiert, d'Biller vun enger Persoun ze veräffentlechen, wa keng vun den aneren Moosnamen an der Enquête Erfolleg hat.

D'Fro vum Delai kann also net pauschal beäntwert ginn, och well all Fall individuell betruecht muss ginn.

**2. Sinn esou Zeienopriff, no esou laanger Zäit, nach opportun, wëssend, dass den Täter scho laang kéint aus dem Land oder ënnergetaucht sinn?**

Et muss en Ënnerscheed ginn, ob et sech ëm eng kriminell Dot handelt, oder ob et ëm d'Sécherheet an dat physescht Wuel vun enger Persoun geet, wéi am Fall vun enger "disparition inquiétante" vu Persounen, Erwuessener oder Mannerjäreger.

Et ass um d'Parquet fir zesumme mat de Policebeamten, déi mat der Affär befaasst sinn, ze evaluéieren, wéi eng Ermëttlungsmoossnamen agesat ginn (z.B. en ëffentlechen Opruff). Et gëllt juristesch an administrativ Prozeduren ze respektéieren, déi an engem Rechtsstaat festgeluecht sinn. D'Publizéiere vun Detailer wärend enger Enquête riskéiert onschëllege Leit ze schueden oder d'Enquête ze behënneren. Ugesiichts der potenziell staark stigmatiséierender Wierkung déi eng Veräffentlechung vun der Foto vun enger Persoun an de Medie mat sech bréngt, ass eng länger Zäitspan a verschiddene Fäll gerechtfäerdegt.

Och mussen d'Grondrechter wéi d'Présomption d'innocence an den Droit à l'image consideréiert ginn. Dann ass et och esou, dass net bei all Fall direkt e Bild vun engem Tatverdächtegtem virläit, mee dass dëst

fir d'éischt ausfënneg gemaach muss ginn an dann – op Entscheedung vun den Autorités judiciaires – saiséiert muss ginn.

Informatioune vun der Police no, sinn Zeienopriff och Wochen no enger Dot eng grouss Hëllef, well Persoune rëmerkannt ginn oder den Auteur vun enger Dot sech ënner Drock selwer der Police stellt.

Lëtzebuerg, de 24. Mäerz 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden